Lëtzebuerg, den 26. Februar 2020

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte weiderzeleeden:

*„D'Diskussioun ëm den Accès zu sanitären Infrastrukture fir Buschaufferen op de Bustermini zitt sech säit längerer Zäit. Quitt dass et sech heibäi a priori ëm eng Gemengekompetenz handelt, huet den Här Minister sech 2017 bereet erkläert, d'Installéiere vun 79 Toilette wärend dräi Joer zu 50% ze kofinanzéieren. Insgesamt ware fir dës Aarbechten 660.000 € am Staatsbudget virgesinn.*

*De FNCTTFEL-Landesverband huet allerdéngs rezent op enger Manifestatioun kritiséiert, dass d'Chauffere vum TICE op den Endstatioune vu verschiddene Linnen an de Gemengen Déifferdeng a Péiteng nach ëmmer keng Toiletten zur Verfügung hätten.*

*An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte folgend Froe stellen:*

- *Wéi vill vun deene geplangten 79 Toilette si schonn opgeriicht ginn? Wéi vill sinn am gaangen opgeriicht ze ginn? Bei wéi villen hunn d'Aarbechten nach net ugefaangen?*

- *Falen ënnert déi geplangten 79 Toiletten och déi aus de Gemengen Déifferdeng a Péiteng? Wa jo, fir wéini ass geplangt, dass se gebaut ginn?*

- *Falls net, ass den Här Minister a Kontakt mat de Responsabele vum TICE respektiv de betraffene Gemengeresponsabele fir eng Léisung an dësem Fall ze fannen?*

- *Sinn dem Här Minister nach weider Reklamatiounen an dëser Hisiicht bekannt?*

- *Ass den Här Minister der Meenung, dass et am Kader vun der Reorganisatioun vum RGTR, bei där jo nei Buslinnen agefouert ginn, noutwendeg ass, zousätzlech Toilette fir Buschaufferen z'installéieren?*

- *Wa jo, wéi vill zousätzlech Toilette wieren dat a wou géifen déi hikommen?*

- *Ginn et scho Gespréicher mat de jeeweilege Gemengeresponsabelen? Wa jo, kann den Här Minister schonn eppes iwwer d'Resultater vun dëse Gespréicher soen?"*

Mat déiwem Respekt,

Max HAHN
Deputéierten